N°3685
Entrée le 23.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.02.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoule spillt d'Fach Lëtzebuergesch eng zentral Roll fir déi sproochlech a gesellschaftlech Integratioun vun de Schüler. Gläichzäiteg héiert een ëmmer erëm, dass Lëtzebuergesch an dëse Schoule staark vernoléissegt gëtt. Fir deem op de Gronn ze goen, huet den SEW/OGBL eng Ëmfro ënner diploméierte Lëtzebuergesch-Proffen an ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen duerchgefouert, un där ronn 50% vun de betraffene Léierpersounen deelgeholl hunn. Besonnesch alarmant ass dobäi, dass 88,9 % vun de Befroten der Meenung sinn, dass déi aktuell Kaderbedéngunge vum Fach Lëtzebuergesch an dëse Schoulen eleng net duerginn, fir déi uviséiert Léierziler tatsächlech ze erreechen.

Virun dësem Hannergrond stellen sech eng Rei Froen zur Ausgestaltung an Zilsetzung vun deene vum Här Minister am Hierscht 2025 an der Chamber ugekënnegten Upassunge vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen:

1) Wéi beurteelt den Här Minister d'Resultater vun där vum SEW/OGBL duerchgefouerter Ëmfro, besonnesch d'Aschätzung vun der grousser Majoritéit vun de Befroten, no där déi aktuell Kaderbedéngunge vum Fach Lëtzebuergesch an dëse Schoulen eleng net duerginn, fir déi uviséiert Léierziler tatsächlech ze erreechen?
2) Wéi eng konkret Schlussfollgerungen zitt den Här Minister aus de Resultater vun dëser Ëmfro fir déi ugekënnegt Upassunge vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen?
3) Wéi beurteelt den Här Minister den aktuelle Stellewäert vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen, besonnesch am Hibléck op den *de facto* niddrege Sproochniveau vun de Schüler an dësem Fach?
4) Wéi eng konkret Grënn gesäit den Här Minister dofir, dass Lëtzebuergesch an den unerkannten europäesche Schoulprogrammer bis elo net als Promotiounsfach behandelt gëtt? Préift d'Regierung aktuell eng entspriechend Upassung?
5) Wéi stellt den Här Minister sécher, dass déi betraffe Léierpersounen kontinuéierlich an d'Planung an d'Ëmsetze vun den ugekënnegten Upassunge vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen agebonne ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3685 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

D'Bedeitung vum Lëtzebuergeschen an eiser Gesellschaft kann net genuch ervirgestrach ginn: Lëtzebuergesch-Kenntnisser sinn net nëmme wichteg fir d'Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit an den Zougang zu der ëffentlecher Funktioun, eis Sprooch spillt och eng wichteg Roll als Integratiounsfacteur an eiser Gesellschaft.

1. **Wéi beurteelt den Här Minister d'Resultater vun där vum SEW/OGBL duerchgefouerter Ëmfro, besonnesch d'Aschätzung vun der grousser Majoritéit vun de Befroten, no där déi aktuell Kaderbedéngunge vum Fach Lëtzebuergesch an dëse Schoulen eleng net duerginn, fir déi uviséiert Léierziler tatsächlech ze erreechen?**
3. **Wéi beurteelt den Här Minister den aktuelle Stellewäert vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen, besonnesch am Hibléck op den de facto niddrege Sproochniveau vun de Schüler an dësem Fach?**

Aus den uewe genannte Grënn gouf bei den ëffentlechen europäesche Schoulen – vun der Grënnung un – d'Lëtzebuergescht an d'Stonnepläng souwéi an d'Konformitéitsdossiere vun de Schoulen integréiert. D'Programmer goufe vun engem Aarbechtsgrupp ënnert der Leedung vum deemolege Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch ausgeschafft.

Aktuell ass den Enseignement vum Lëtzebuergesche follgendermoossen organiséiert:

- Obligatoresch Coursen:
  - P1 bis P2 : zwou Periode vun 30 Minutten
  - P3 bis P5 : zwou Periode vu 45 Minutten
  - S1 bis S3 : zwou Periode vu 45 Minutten

An deene meeschten ëffentlechen Europaschoule gëtt eng pedagogesch Differenzéierung praktizéiert, déi dem sproochleche Profil vun de Schüler Rechnung dréit. Am Secondaire dréckt sech dës Differenzéierung duerch follgend Organisatioun aus:

- Friemsproochcoursen, déi fir e Public bestëmmt sinn, deen net Lëtzebuergesch schwätzt;
- Sprooch- a Kulturcoursen, déi fir lëtzebuergeschsproocheg Schüler bestëmmt sinn.

- Fakultativ Coursen:

No der S3 ass de Lëtzebuergeschours fakultativ. E kann als Optiounsfach gewielt ginn, oder als „Langue 4" oder „Langue 5".

D'Lëtzebuerger Sprooch ass deemno bei Wäitem net vernoléissegt ginn, allerdéngs definéieren d'Programmer, déi de Moment a Kraaft sinn, kee virgeschriwwenen Niveau pro Schouljoer. Dofir si momentan weeder eng Zertifizéierung nach eng Validatioun vun den Niveaue virgesinn.

2. **Wéi eng konkret Schlussfollgerungen zitt den Här Minister aus de Resultater vun dëser Ëmfro fir déi ugekënnegt Upassunge vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen?**
4. **Wéi eng konkret Grënn gesäit den Här Minister dofir, dass Lëtzebuergesch an den unerkannten europäesche Schoulprogrammer bis elo net als Promotiounsfach behandelt gëtt? Préift d'Regierung aktuell eng entspriechend Upassung?**

De Sujet vun der Zertifizéierung an der Validatioun vun den Niveauen ass mir bewosst. Ech hunn dofir meng Servicer chargéiert, beim Conseil supérieur des Écoles européennes de Statut vum *Other National Language* (ONL) fir d'Lëtzebuergescht unzefroen. A senger Sessioun vum leschte 15. Abrëll ass dës Propositioun, nodeems se vum *Board of Inspectors*, dem *Joint Teaching Committee* an dem *Budgetary Committee* validéiert gouf, och vum Conseil supérieur ugeholl ginn.

Den ONL ass e Sproochecours, deen am Prinzip als Optioun am System vun den Europäesche Schoulen ugebuede gëtt, an zwar fir Schüler, déi aus engem Land kommen, an deem dës Sprooch als offiziell Sprooch unerkannt ass. Aktuell sinn als ONL Schweedesch (an der finnescher Sektioun), Finnesch (an der schweedescher Sektioun), Iresch a Malteesesch unerkannt; ab dem Schouljoer 2026/2027 kënnt Katalanesch dobäi; d'Aféierung vum Lëtzebuergeschen als ONL ass fir d'Schouljoer 2027/2028 programméiert.

An den ëffentlechen Europaschoulen hei am Land gëtt Lëtzebuergesch als ONL en obligatorescht Promotiounsfach bis zu der Klass S3.

D'Organisatioun vun den ONL-Coursë geet aus der Tabell hei drënner ervir.

| | |
|---|---|
| Maternelle a Primaire inférieur (bis P2) | 3 Periode vun 30 Minutten, zousätzlech zu aneren Disziplinnen |
| P3 bis S3 | 2 Periode vu 45 Minutten, zousätzlech zu den aneren Disziplinnen, als obligatorescht Fach |
| S4 bis S7 | 4 Periode vu 45 Minutten, amplaz vun enger „Langue 4", als optionaalt Fach |

D'Kompetenzniveaue laut dem *Cadre européen commun de référence pour les langues* sinn déi follgend:

| ***Klass*** | ***Niveau*** |
|---|---|
| M1-P2 | A1.1 |
| P3-P5 | A1.2 |
| S1 | A2.1 |
| S2-S3 | A2.2 |
| S4-S5 | B1 |
| S6-S7 | B2 |

An den ëffentlechen Europaschoulen zu Lëtzebuerg gëtt den Niveau B1 allerdéngs um Enn vun der Klass S3 erreecht an zertifizéiert (an net den A2.2-Niveau, deen normalerweis vun der ONL virgesinn ass), well et sech ëm de Minimum handelt, dee souwuel fir d'Acquisitioun vun der Nationalitéit wéi och fir den Zougang zu der Fonction publique erfuerderlech ass.

5. **Wéi stellt den Här Minister sécher, dass déi betraffe Léierpersounen kontinuéierlech an d'Planung an d'Ëmsetze vun den ugekënnegten Upassunge vum Lëtzebuergesch-Unterrecht an den ëffentlechen internationalen an europäesche Schoulen agebonne ginn?**

   A Collaboratioun tëscht dem SCRIPT an der Direction générale de l'enseignement secondaire huet de 4. Mäerz e sougenannte *CoLab* stattfonnt, ausgeschriwwen als Formation continue iwwert den IFEN. Hei waren d'Enseignanten agelueden, fir hir Erfarungen, Defien an Iddien ze deelen en vue vun der Ausschaffung vum neie Programm vum ONL Lëtzebuergesch. Mat 18 ageschriwwenen Enseignantë war de Workshop e Succès.

   Hei drënner d'Beschreiwung vum Colab, esou wéi en um Site vum IFEN ausgeschriwwe war:

   ***FC-11A-139 · CoLab : Le Luxembourgeois comme ONL dans le cadre des écoles européennes***

   *Le CoLab offrira aux enseignants un espace d'échange autour de l'apprentissage de la langue luxembourgeoise en tant que langue étrangère. Ces échanges favoriseront la confrontation des points de vue, l'identification des obstacles didactiques et la mutualisation de pistes pédagogiques. Il permettra de partager les expériences menées, les réactions et les difficultés rencontrées, ainsi que les activités pédagogiques mises en œuvre afin de développer les annexes des programmes de l'ONL Luxembourgeois.*

   Och fir d'Schouljoer 2026/2027 ass eng Formation continue virgesinn, déi sech un all Lëtzebuergesch-Enseignanten adresséiert, dëst en vue vun der Aféierung vum neie Lëtzebuergesch-Programm fir d'Rentrée 2027/2028.

Lëtzebuerg, de 28. Abrëll 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH